

Kreativitéit ass de Schlëssel fir den Erfolleg

Et huet laang gedauert ier zu Péiteng um Site vun der aler Waxweiler Millen e Komplex aus dem Buedem gewuess ass, deen eemoleg ass, a wou zënter der Erëffnung esou munch flott Manifestatioun stattfonnt huet. E Komplex, deen d’Kulturszen aus der Péitenger Gemeng bewosst ervirhiewe soll a muss.

Wann et och am Ufank lues ugelaf ass, esou hunn déi Aktiv aus der Konscht-Millen asbl hir Erfahrungsse mussen maache fir de Leit dobaussen eng optimal Offer ubidden ze kënnen. Lues a lues, ouni vill Gedausch mee mat vill Aarbecht hanner de Kulisse gouf mat deene ville verschiddenen Aktivitéiten experimentéiert fir erauszefannen, wéi eng net nëmmen dee gréissten Zoulaf kriterien, ma och wéi eng Eventer hir gréisst Ausstrahlung an de Raimlechkeete vun der aler Millen géifen errechen.

Dobäi hunn sech eng sëllegen Aktivitéiten quasi fest etabléiert a si kaum méi erauszedenken aus dem Agenda. Mee dat bedeit awer net, datt keng Verbesserungse méiglech sinn. Den Abléck stellen d’Coursen de Schwéierpunkt vun dem Veranstaltungskalenner duer. Hei mierkt een ganz kloer, datt d’Diversitéit vun de Course gläichzäiteg en absoluten Unzëiungskriterien ass, well déi meescht si scho kuerz no der Publikatioun ausgebucht – an dat vu Saison zu Saison. Firwat sollt een dësen Erfolleg net op d’Spart vum „Entertainment“ ewéi de Cabaret oder d’Concerten kënnen erweideren? Ech kéint mir zum Besipill gutt virstellen, dee ganze Site nach méi enk ze verknäppen an esou e frëschen an erweiderte Package unzebidden. Firwat net d’Méiglechkeeten ausbauen andeems de Restaurant méi dacks an d’Boot geholl an esou eng nach méi attraktiv Panoplie ugebuede gëtt? Firwat net emol komplett aner respektiv ausgefale Aktivitéite woen? D’Gemeng huet op alle Fall en oppent Quer wann nei Virschléi op den Dësch komme fir dat kulturellt Liewen um WAX ze fördern.

Den onermiddlechen Asaz vun deene Fräiwëllegen, déi sech dagdeeglech engagéieren an e Programm an d’Liewe ruffen, dee fir jiddereen eppes ze bidden huet verdéngt an dësem Zesammenhang sécher e grouse Merci. Ounit hir Aarbecht wier de Site WAX net zu engem feste Bestanddeel vum Kulturliewen an eiser Mëtt ginn.



Jean-Marie Halsdorf
Kulturschäfte vun der Péitenger Gemeng